Jean Hames
<u>Gonderange</u>

den 5. Januar 1973.

Léiwe Komerod!

Wann é wëllt virukommen, da muss én emol ufänken. Esou hun ech mer geduecht an hun hei hannendrun Zirkuläre préparéiert fir d'Situatioun vun eise Suergekanner an deene Sektiounen déi ons Suerge maachen ze régulariséieren, resp. fir ze réor niséieren.
Wanns De wëlls, da kuck déi Saachen emol duerch. V'leicht hues Du och nach Idiën, déi mer verwerte kënnen a wourop mer opbaue kënnen.
Et handelt sech bei mengen Ekulubraten selbstverständlech nurem em Projets'en.
Et wir nët schlècht, wann mer déi Affair als éischte Ponkt vun eiser nächster Setzung huele géiwen, an och gläichzäiteg déi dräi an de Bureau invitéiere géingen, déi um lèschte Kongress fir déi Saachen désignéiert guewen. Daat sin: de Jungbluth Norbert, den Schauls Albert an den Koehler Charles.
Desweidere musse mer dru goen fir d'Kartei an d'Rei ze setze déi eis Ennerlaag ass fir d'Postverdeelung vun dem Sacrifiés Do hu mer déi zwee neier Memberen am Zentralcomité bäikritt, a.z. den Fraschte Ren an den Hansens Camille, déi mat dèr Charge ze betraue wiren. Et géht nämlech nët duer, fir dohin setzen ze kommen a mam Kapp ze wënken! Si därfen rouheg eng Hand mat ugräifen.
Ech hätt dann och nach gären, wann een aus dem Komitee sech géing em d'Annoncen aus dem Bulletin këmmeren. Herrgott, ech maache mech drop! Dee Mann bräicht mir näischt aanescht ze maachen, ass wéi mer soen, dese Mount hu mer des an déi Annon cen, - hei sin se. Ech mengen, daat misst dach ee ronnkréien

Bis den nächsten Donneschteg, a mat deene bèschte Gréiss,

Lëtzebuerg, den

Léiw Komeroden!

Um lèschte Kongress vun den Associatioun, deen de 14. Mé 1972 zu Walfer war, gouw festgestallt, datt er Sektioun zënter Joeren keng Kotisatiounen un d'Associatioun oofgefouert hut, an dat fir all déi selwegt Zäit keng Abonnementer bezuelt gi sin, obschon de Bulletin "Les Sacrifiés" regelméisseg zougestallt gouw.

Allem Uschäin no, funktionnéiert er Sektioun nët méi. Wann daat eso ass, dann deelt dem Zentralcomité daat mat. Oder awer, waan Dir dach nach Aktivitéit an der Zukunft entwëckele wëllt, da soot ons Bescheed. Den Zentralcomité befläissegt sech Iech ze hëllefen er Situatioun ze redresséieren.
Sollt daat hei virdrun erwähnt nët méiglech sin, da biëde mer Iech, entweeder er Sektioun enger anerer, nopesch Sektioun unzeglidderen, oder den Zentralcomité iwerhëllt selwer all er fréier Memberen a schléisst sämtlech Komeroden aus dem Land, a.z. do wou de Fall ähnlech gelagert ass, an engem Grupp zesummen, deem e Member vum Zentralcomité vierstéht, a vu wou aus déi administrativ Arbechten erleedegt gin.
Fir de Secteur vun erer Sektioun bräicht Dir vun dém Ament un nëmmen nach een Deleguéierten ze désignéieren.
Op eng vun dese Manéieren ass et méiglech, all eise Komerodinnen a Komeroden Satisfaktioun ze gin an dem Caissier vun der Associatioun seng Arbechten ze erliichteren. Hien haat bis elo laafend Défiziter aus dem ganz einfache Grond, dat hien eng ganz Reih vun Abonnementer op den "Sacrifiés" huet un d'Fédératioun oofliwere mussen, déi hien nët krut.
Ganz oofgesin vun all deenen d'Associatioun schiëdegend Konzequenzen ass et nët fair vis-à-vis vun all deenen Enrôlés, déi régelméisseg hir Beiträg bezuelen an domat et erméiglechen, déi noutwenneg Schrët ze ënnerhuelen am Intérêt vun allen Zwangsrekrutéierten.
Et gët haut taatsächlech eng ganz Reih vun Avantagen, vun deenen en Enrôlé de force profitéiere kann, ma deen Eenzelen muss doriwer am Bild an informéiert sin. Daat bleiwt e ganz bestëmmt, wann en organiséiert ass.
Soot ons, wann Iech geliwt, andeem Der esou baal wéi méiglech un

d'Association E.F.V.N.
<u>L u x e m b o u r g</u>
Case postale n° 2415

schreiwt, wellech Optioun Dir fir er Sektioun gewielt hut.

Mat deene bèschte Gréiss,

Den Zentralcomité.

Lëtzebuerg, den

Léiw Komerodin!
Léiwe Komerod!

Eng Kontrol vun eisem Abonnemente-Fichier huet ergin, dat Dir während Joeren de Bulltin "Les Sacrifiés" zougestallt krut, ouni derfir d'Abonnement bezuëlt ze hun, oder zu mindest, ouni dat et der Fédératioun oofgeliwert gi wär.
Et ass ons desweidere bekannt, dat d'Sektioun, der Dir ugehéiert oder ugehéiert hut, nët méi esou funktionnéiert, wéi daat soll sin. Er Sektioun ass eebenfalls beträchtlech am Röckstand mat dem Oofliweren vun deene jéërlechen Cotisatiounen.
Domat ass eng ongesond Situatioun entstaan, déi behuëwe gi muss. Well mir am Zentralcomité iwerzeecht sin, dat Dir, graad wéi all dé sëllech aner Komerodinnen a Komeroden, och organiséiert wëllt sin, hu mir Iech folgendes ze proposéieren, an daat conform engem Kongressbeschluss vum 14. Mé 1972.

Et ass Iech fräigestallt, fir déi Art vun Organiséiertsin ze optéieren, déi Iech am bèschten convenéiert. Föllt duerfir, wann Iech geliwt, esou baal wéi méiglech dee Virdrock aus, dee mer bäigeluëch hun, a schëckt en direkt un d'Adress, wéi se uewen ugin ass.

Den Zentralcomité huet envisagéiert, all déi Leit an engem Grupp ze erfaasen, deen vun engem Member aus dem Zentralcomité geleet an administrativ gefouert gët.

Dir wert gesin, vun deem Ament un sit Dir och organiséiert. Wellech en Enrôlé wëllt à part stoen, xxx sech nët zu der Solidaritéit bekennen, ëm déi de ganzen anere Rèscht vum Land eis beneid.

Mat deene bèschte Gréiss,

den Zentralcomité.

# APPELL

## un all Enrôlés de Force
## un ons Elteren
## un all ons Frönn

---

Mat der Journée de Commémoration Nationale 1972 feiere mir döst Johr den 30. Anniversaire vum Enrôlement de Force duerch de Naziokkupant, a vum éischten Départ vun den Enrôlés de Force op der Gare zu Hollerech fir dé laange Calvaire, dén se fir de Rescht vun hirem Liewen gezéchent huet.

Fir dat den Dout vun onse Märtyrer aus der Resistenz a vun onse Komeroden, déi fir eng Idee sacrifiért gouwen, déi hinnen friem wor, nött emsoss soll sin, därfe mir déi schwéier Zeiten vun de Johren 1940-45 nie vergiéssen.

Fir onse Kanner dat battert Lous ze erspueren, musse mir alleguerten duerfir suergen, dat si déi schlömmst Lektioun, déi ons operluergt gouw an déi souvill Léd iwert onst Ländchen bruecht huet, unhuelen — an unerkennen.

Mir mussen ons alleguer zu dèr groußer Solidaritéit bekennen, déi mir am lèschte Krich bewisen hunn, an déi ons gehollef huet onst Léd ze droen. Mir mussen de Souvenir vun döser schrecklecher Etappe an onser Geschicht waach haalen.

Duerfir huele mir all zesummen, Jonck an Aal, un déne Feierlechkéten vun der Journée 1972 dél, den 7. Oktober an den 8. Oktober.

Et därf ké félen !

Kommt Samschtes owes bei d'Monument vun der Solidarité Nationale, fir mat der Sektioun Letzebuerg vun den Enrôlés de Force onser Veillée um Kanounenhiwel dé Cachet ze ginn, dé mir onsen doudègen Komeroden schölleg sinn.

Kommt och Sonndes muerges nött nömmen an d'Mass an ärer Lokalitéit, mais och an d'Mass an der Kathedral, bei de Monument du Souvenir (bei der Gölle Fra), bei d'Hinzerter Kraiz an op Hamm.

Kommt alleguer Sonndes möttes bei de Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise um Kanounenhiwel.

Ons doudèg Komeroden aus der Resistenz, ons doudèg Komeroden aus onsen égene Reihen, Ons Morts pour la Patrie, waarden op ons!

Kommt alleguer ! A vergiésst se nött !

Fir eng besser Zukunft . . . a fir ons Kanner. Fir hinnen dat Beispill ze ginn, dat si vun ons erwaarden!

De Comité vun der Sektioun Letzebuerg.